

Froe vum SNE/CGFP zu enger eventueller Ophiewung vum System vun den A- a B-Gruppen nom 28. Juni 2020

1. Personal

Mussen déi vulnerabel Enseignanten oder déi Enseignanten, déi mat enger vulnerabler Persoun zesumme liewen nees zeréck an d'Klasse fir do ze enseignéieren?

SNE/CGFP: Un der aktueller Organisatioun soll esou mann wéi méiglech geännert ginn an déi concernéiert Leit sollen dat weider kënne maachen, wat si bis ewell gemaach hunn. Dës Leit bleiwe vulnerabel an de Virus ass jo awer nach ëmmer present.

MENJE: Un der aktueller Organisatioun ännert an dësem Schouljoer näischt. Et schéngen awer nei Consignen, wat d'Vulnerabilitéit ubelaangt, eraus ze kommen. Dës kéinten dann Incidences op d'Schouljoer 2020-2021 hunn.

Wat geschitt mam Personal, wat extra vum MENJE « als Supplément » engagéiert gouf an dat an der Widderhuelungswoch intervenéiert? Wou gi si agesat?

SNE/CGFP: Dëst Personal bleift an de Schoulen a soll den Titularen hëllef fir méi eng individuell Betreuung vu verschiddene Kanner ze maachen an domadder eventuell Retarden opzeschaffen. Si solle flexibel, no Concertatioun mat der « Equipe pédagogique », agesat ginn.

MENJE: De MENJE gëtt eiser Fuerderung Recht an dëst Personal hëlleft den Titularen, wann d'Kanner erëm am Klasseverband ënnerriicht ginn.

Wat geschitt mam Personal, wat net extra fir d'Kris engagéiert ginn ass a wat zum Beispill aus engem Team eraus geholl ginn ass fir am Übungsgrupp ze intervenéieren?

SNE/CGFP: Dës Leit ginn nees an hir ursprénglech Teamer integréiert.

MENJE: Dëse Punkt ass net explizitt behandelt ginn. Mir ginn dofir dervun aus, dass d'« Equipes pédagogiques » dës Leit esou asetze kënnen, wéi si et am beschte gesinn.

Wat geschitt mat dem Personal, dat vum Menje/Script op den Terrain geschéckt gouf, fir an dëser Krisensituatioun eng Hand mat unzepaken?

SNE/CGFP: Dës Leit ginn an dem neie Setting net méi akut an de Klasse gebraucht a sollten nees kënnen hirer regulärer Aarbecht nooen.

MENJE: A priori ass de MENJE der Meenung, dass dës Leit och weider bis zum Enn vum Schouljoer an de Schoulen intervenéiere sollen.

Wéi ass et mam I-EBS an den ESEB-Interventiounen, déi bis dato uerg limitéiert waren?

MENJE: De MENJE ass der Meenung, dass mer wat d'I-EBS an d'ESEB ubelaangt zu engem normale Fonctionnement sollen zeréck fannen. Et ass esou, dass duerch eventuell Retarden a Problemer, déi duerch d'Coronakris verstärkt goufen, dëst Personal nach méi sollicitéiert gëtt wéi soss.

2. Kanner

Funktionéieren d'Klassen nees als Klassen a kënnen déi concernéiert Kanner vun de jeeweilegen Offere vun Accueil, Appui, etc. profitéiere wéi am normale Schoulbetrib?

SNE/CGFP: Mir fannen, dass dat esou soll sinn.

MENJE: De MENJE seet, dass een och do soll kucken op den normale Schoulbetrib zeréck ze kommen.

Mussen déi vulnerabel Kanner zeréck an d'Schoulen, wann d'Klass erëm funktionéiere géif?

SNE/CGFP: Genau wéi bei de vulnerabelen Enseignanten ass den SNE/CGFP och hei der Meenung, dass dës Kanner weiderhin iwwert den « Enseignement à distance » solle betreit ginn.

MENJE: Fir d'Kanner gëllt och, dass déi Kanner bis zum Schoulschluss « à distance » kënnen betreit ginn.

Däerfen d'Kanner aus de Kompetenzzentren nees freides nomëttes an hir « Classe d'attache » kommen, esou wéi dat op verschidde Plaze gemaach ginn ass?

SNE/CGFP: Mir fannen, dass dat esou soll sinn.

MENJE: De MENJE ass der Meenung, dass een do « au cas par cas » soll gekuckt ginn, ob d'Interventioun Sënn mécht oder net.

3. Organisatoresches

Wat heescht d'Opléisung vun de Gruppen an de Retour an de Klasseverband fir de Stonneplang?

SNE/CGFP: Den aktuelle Stonneplang muss och no dem Zesummeleeë vun de Gruppe bestoe bleiwen.

MENJE: Um aktuelle Corona-Stonneplang gëtt näischt geännert.

Wat heescht d'Opléisung vun de Gruppen an de Retour an de Klasseverband fir d'Schoulorganisatioun?

SNE/CGFP: Et däerf op kee Fall esou sinn, dass déi 2 Wochen am neie Fonctionnement zu der Opstellung vun enger neier Schoulorganisatioun oder der Adaptatioun vun der « Schoulorganisatioun 25. Mee » féiert.

MENJE: Héchstwarscheinlech ass et esou, dass déi Kanner, déi an der Übungswoch doheem bliwwen sinn, och weiderhin de Choix behale wäerten, entweder doheem ze bleiwen oder awer an d'Schoul bei hir Komeroden ze goen. Et gëtt also warscheinlech keng Obligatioun, dass dës Kanner all Woch an d'Schoul musse goen. Fir esou eng Obligatioun nees anzeféieren, misst een eng Gesetzesännerung envisagéieren, déi aus Zäitgrënn méi schwéier ze realiséieren wär. Et kënn zu kenger neier Schoulorganisatioun, mee d'Enseignantë musse festhalen, wéi eng Kanner aus den Übungsgruppen dann all Woch erëm an d'Schoul kommen. Dëst ass aus assurantentechnesche Grënn noutwendeg.

Wéi gesäit et mat der Maskepflicht an de Säll aus, wann d'Gruppe géifen zesummegeluecht ginn?

SNE/CGFP: Mir weisen dorop hin, dass dann an deene meeschte Klassen d'Distanzregel vun 2 Meter net agehale ka ginn. Wéi ass hei d'Positioun vun der Santé dozou?

MENJE: De MENJE huet op déi nei Reegelen vun der Maskepflicht higewisen. An der Enceinte vun der Schoul soll d'Maskepflicht bestoe bleiwen. Am Kllassesall brauchen d'Kanner an d'Enseignantë keng Masken, och wann d'Distanzregel net méi kënnen agehale ginn. D'Santé schéngt do keng Bedenken ze hunn.

Wat heescht d'Opléisung vun de Gruppen an de Retour an de Klasseverband fir de Schoulsport an d'Schwammen?

SNE/CGFP: D'Bewegung ass wichteg fir d'Kanner. Wann d'Experten an d'Santé sech dofir prononcéieren, dass de Schoulsport erëm ulafe soll (also ënner sanitär acceptabele Konditiounen), da ralléiert den SNE/CGFP sech dëser Positioun. Do wäeren ugepasste Bewegungsaktivitéiten och am Fräien eng Méiglechkeet. Et muss awer séchergestallt ginn, dass d'Sportsaktivitéiten keng ze vill grouss Inzidenzen op de Stonneplang hunn an och keen administrativen Opwand mat sech bréngen.

MENJE: Et si keng regulär Schoulstoun fir de Sportunterricht oder d'Schwammen am Horaire virgesinn, well den Horaire onverännert bleift. Den Titulaire kann ab elo awer punktuell mat senger Kanner turne goen oder esouguer eng Schwämm besichen, wann hie sech do un déi do virgeschriwwen sanitär Reegelen hält.

Wéi ass et mat Sortien oder Ausflich, wann de «Groupe-classe» nees zesammen ass? Ass een Dagesausflug nees méiglech? Wa jo, ënner wéi enge Konditiounen?

MENJE: Genau esou wéi beim Besuch vun enger Schwämm kënnen d'Enseignantë eng « Sortie pédagogique » oder en Dagesausflug maachen, wa si sech un déi virgeschriwwen sanitär Reegelen halen, déi fir déi Plaze gëllen. Kolonië wärend der Schoulzäit sinn am Géigesaz zu de Vakanzaktivitéiten net erlaabt. Den Educatiounsminister begrënnt dat domadder, dass d'Eltere bei de Vakanzaktivitéiten decidéieren, ob si hir Kanner do matgoe loossen a bei de Schoulkolonien dëst weinst der « Obligation scolaire » obligatoresch ass an d'Elteren net individuell decidéieren kënnen.

Wéi ass et mat de Bilansgespréicher ? Ënnert wéi enger Form sollen déi stattfannen (présentiel oder distanciel)?

SNE/CGFP: Den SNE/CGFP kéint sech Bilansgespréicher « en présentiel » mat Mask virstellen, wann d'Elteren an den Enseignant dat wëllen.

MENJE: Dës Thematik ass an der Videokonferenz net ugeschnidde ginn.

Wéi ass et mat de Precoce-Kanner, déi ofgemellt goufen? Déi Kanner si jo am Scolaria extra geläscht ginn. Däerfe si elo erëm an d'Schoul kommen?

MENJE: Dës Thematik ass an der Videokonferenz net ugeschnidde ginn.

Wat geschitt nomëttes an de « Structures d'accueil »? Bleiwen d'Gruppen do getrennt oder funktionéiere se do och als Klasseverband, oder gi se eventuell alleguerten duercherneen?

SNE/CGFP: Bis elo gouf prinzipiell drop opgepasst, dass sech d'Kanner och an de Betreuungsstrukturen net ze vill mëschen. Dëst gouf just gemaach, wann d'Gruppe ganz kleng waren. Dofir sollten och an Zukunft déi Trennungen oprecht erhale ginn an de Klasseverband och nomëttes berücksichtegt ginn.

MENJE: Dës Thematik ass an der Videokonferenz net ugeschnidde ginn.

Wéi gesäit et mam Bustransport aus? Gëtt do nees alles iwwerschaaft fir déi Zäit, wou d'Gruppen zesummegeleucht ginn?

SNE/CGFP: Et ass e groussen Opwand fir Buspläng opzestellen. Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass do wa méiglech keng, respektiv esou mann wéi méiglech Adaptatiounen musse gemaach ginn.

MENJE: De MENJE féiert do nach Gespréicher mam Syvicol. Eng Problematik kéint sinn, dass d'Übungsgruppen an d'Léiergruppen a verschiddene Gemenge bis elo zäitversat funktionéiert hunn. Wann d'Gruppen elo erëm zesumme geleucht ginn, missten d'Schüler erëm zum selwechten Zäitpunkt an der Schoul ufänken. De MENJE gesäit als eng méiglech Léisung, de Bustransport erëm esou wéi virum 25. Mee ze organiséieren, just mat der Obligatioun, dass d'Schüler an d'Begleeder e Mondschutz un hunn.

Wéi gesäit et mam Accueil virun der Schoul aus?

SNE/CGFP: Och hei si mir der Meenung, dass keng Adaptatiounen solle geschéien.

MENJE: De MENJE hält um aktuellen Noutaccueil fest.

Vill Material gouf elo op verschidde Sitten deplacéiert (Bänken, Still, ...) Am Fall, wou d'Gruppen zesummegeleucht ginn, muss dat Material nees zeréck an d'Klasse geplënnert ginn. Wien ass dofir zoustänneg?

SNE/CGFP: D'Schoulcomitéen an d'Coordinateuren am Speziellen an d'Enseignanten am Allgemengen hunn extrem vill Aarbecht fir d'Reprise gelescht a sinn oft iwwert hir Limitten eraus gaangen. En eventuell Zesummeleeë kann definitiv net nach zu engem Surplus un Aarbecht fir si féieren. All dës Aarbecht muss also vun der Gemeng oder dem Gemengesyndikat verricht ginn.

MENJE: De MENJE klärt dat mam Syvicol of.

Geet d' « Restauration scolaire » nees op?

SNE/CGFP: Den SNE/CGFP ralliéiert sech dem Avis vun der Santé.

MENJE: Dës Thematik ass an der Videokonferenz net ugeschnidde ginn.

4. Général

Ännert sech eppes un de Prozedur, wann e positive Fall an der Schoul optrëtt?

MENJE: Dës Thematik ass an der Videokonferenz net ugeschnidde ginn.

Wéi gesäit et, Stand haut, fir d'Rentrée am September 2020-2021 aus?

SNE/CGFP: Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass all d'Informatiounen dozou esou séier wéi méiglech an esou kloer wéi méiglech vum MENJE musse kommunizéiert ginn, fir dass d'Schoulen hir Rentrée beschtméiglech preparéiere kënnen.

MENJE: Dat hänkt vun der Evolutioun vun der Pandemie of. Et gëtt probéiert, weider Schrëtt a Richtung Normalitéit ze maachen, awer just wann d'Chifferen dat zouloossen.

5. Fazit vum SNE/CGFP

Ännert sech eppes un de Prozedur, wann e positive Fall an der Schoul optrëtt?

Et ass dem groussen Asaz an dem Engagement vun den Enseignanten ze verdanken, dass de System vun den A- a B-Gruppe bis elo esou gutt ëmgesat gouf an och gutt geklappt huet.

Duerch d'Ophiewung vun dësem System däerf et elo op kee Fall zu enger Méibelaaschtung vun de Schoulen an den Enseignantë kommen. Si däerfe keng zousätzlech Aarbecht opgebrummt kréien.

Den Educatiounsminister stëmmt dem SNE/CGFP zou fir den administrativen Opwand esou kleng wéi méiglech ze halen. An deem Sënn gëtt de MENJE och verbindlech Consignen un d'Direktiounen eraus. D'Relevéë vun de Kanner sollen deen eenzege Surplus un Aarbecht sinn, déi all Woch an d'Schoul kommen, vu dass d'Elteren d'Méiglechkeet hu fir hiert Kand nodréiglech an den Übungsgrupp anzeschreiwen.

De Comité central vum SNE/CGFP